

GRÉNG NEWS

DÉI GRÉNG SCHËFFLENG

déi
gréng



BILAN 2017-2023

DÉI GRÉNG FIR SCHËFFLENG



Contact:

déi gréng Schëffleng
3, chemin vert
L-3878 Schifflange
Tel : +352 621 209 826
schifflange@greng.lu
scheffleng.greng.lu



English
version

Versão
em português

De gauche à droite :
Mireille Rodenbourg-Salzig,
Nadine Féral, Alex Krieger,
Albert Kalmes, Torsten Bohn,
Christiane Biewer, Manfred Greger,
Laurent Kalmes, Astrid Schuetz,
Christiane Sehl, Katharina Greger,
Camille Schuetz, Sandra Monteiro-Santos,
Nick Clesen.
Absente : Julie Groff.

“Gréng wierkt”, dat war de Slogan mat deem déi gréng 2017 an d’V

De Bilan, deem déi gréng mat hirem Koalitiounspartner opweises hunn, beweist datt de Slogan “Gréng wierkt” richteg war. An de l Uertschaft gestallt ginn an munches fir eng nohalteg zukünfteg Entwécklung vu Schëffleng an d’Weeër geleet ginn. Dëst trotz 2 J Covid-19, an trotz den Erausforderungen duerch de Krich an der Ukraine.

Am Folgenden, wëlle mir Iech, léif Bierger*innen, dat an Erënnerung bréngen wat sech op Gemengenniveau duerch den Asaz vun déi g

Déi Gréng, bilan de nos actions pour Schifflange.

Lors des dernières 6 années, les Déi Gréng, avec leur partenaire de coalition, ont pu initier de nouvelles voies et de nouveaux projets po Ceci malgré 2 ans de restrictions dues à la pandémie Covid-19 et malgré les défis causés par la guerre en Ukraine.

Par ce dépliant, nous souhaitons, chers concitoyen(ne)s, vous présenter les avancées réalisées au niveau communal durant la période

Demokratie, Biergerparticipatioun an Informatioun

- D’Biergerparticipatioun duerch **parteiesch** net gebonne **Bierger an de konsultative/berodende Kommissiounen**
- Erstelle vum **Masterplang Schëffleng**, vum **Masterplang Bildungslandschaft** a vum **Masterplang fir nei Sportinfrastrukturen am Rit** mat Hëllef vu Bierger, edukativem Personal a Sportsveräiner
- Méi Informatioun fir Bierger*innen duerch **Informatiounsversammlungen** iwwert nei Bebauungspläng sou wéi geplangte Chantieren, duerch **Artikele vun den am Gemengerot vertruedene Parteien am Newsmag** an duerch den **neien Internetsite an déi nei CityApp**.

Démocratie, participation citoyenne et information

- **Participation dans les commissions consultatives de citoyens sans engagement politique**
- Elaboration du **Masterplan urbanistique de Schifflange**, du **Masterplan « nouvelles infrastructures sportives au Rit »** ainsi que du **Masterplan éducation** avec la participation citoyenne des habitants(es), du personnel éducatif, des parents, des enfants et des clubs sportifs
- Informations aux citoyens lors de réunions d’informations sur les chantiers et sur les plans d’aménagement des quartiers, par des **articles au Newsmag** ainsi que sur le **nouveau site internet de la commune et par la CityApp**.



Stadentwécklung

- Andämmung vum **exzessive Bevëlkerungswuesstem an Ausaarbechtung vu Bebauungspläng (PAP-Quartier Existant)** sou wéi engem **neie Bautereglement**
- Begréngung duerch d’Uleeë vum **Parc Léonie Koullen** an d’Planze vun **de Beem an der rue Basse**, an um **Parking tëschent Gare a Cactus**
- D’Plange vum **neie Quartier am Rit**, mat **Parking**, **Wunnengen**, **Geschäftsflächen** op der Südsäit a mat den **neie Sport- a Kulturinfrastrukturen** op der Nordsäit
- **Entwécklung vum neie Quartier „Metzeschmelz“** duerch d’AGORA.

Développement urbain

- **Frein à l’augmentation excessive de la population à Schifflange** et élaboration du plan d’aménagement quartier existant ainsi que d’un **nouveau règlement des bâtisses**
- **Plantation d’arbres: rue Basse, parking gare et création du Parc Léonie Koullen**
- **Planification du nouveau quartier « am Rit »** incluant **parking**, **habitations**, **surfaces commerciales** ainsi qu’un **nouveau complexe sportif et culturel**
- Développement du futur quartier **« Metzeschmelz »** par AGORA.

Wale gaange sinn.

Leschte 6 Joer konnt viles nei an eiser
Leben duerch d'Pandemie
oder Restriktionen duerch d'Pandemie

Gréng téschent 2017 an 2023 gedoen huet.

Pour une commune au développement plus durable.

2017 à 2023 grâce à la coalition avec « déi Gréng ».

Nohalteg Entwécklung

- **Optimisierung** vum **Energieverbrauch** a sämtleche **Gemeengegebäier an Hëtze mat erneierbarer Energie** a verschidde Gebäier
- Ëmstellung vun der **Stroossebeliichtung** op de Gemengestroossen op **LED**
- Grouss Ënnerstëtzung fir d'Bierger*innen duerch dat neit **Subsidereglement beim Ëmklammen op erneierbar Energien** a beim Kaf vun Apparater, déi energiefrëndlech sinn
- **Nohaltegkeetscritèrë beim Plange** vun neie Quartieren
- **Adaptatioun vum Offallreglement** fir de Recyclage ze fërderen a fir déi Leit ze belounen, déi manner an déi gro Dreckschëscht werfen sou wéi Ausschaffe vun neie Konzepter fir den **Offall bei alle Gemeengefester ze reduzéieren.**

Développement durable

- Optimisation de la consommation énergétique dans l'ensemble des bâtiments communaux et chauffage grâce aux énergies renouvelables dans certains bâtiments
- **Eclairage public** uniquement par **LED**
- Grâce au nouveau règlement des subsides, **aide financière importante pour encourager les habitant(e)s pour la transition énergétique**
- Instauration de **critères de durabilité** lors de la planification de **nouveaux quartiers**
- **Amélioration du Règlement des déchets** pour récompenser les ménages participant au tri sélectif tout en diminuant leurs déchets et nouveau concept pour **la réduction des déchets lors des manifestations communales.**



Ëmwelt a Klima

- **Renaturéierung vun der Uelzecht** op hirer ganzer Längt op Schëfflenger Territoire, vun der **Kiemelbaach** a vun der **Quell am Schmëttbësch**
- Uleeë vun enger **Waasserschutzzon fir Drénkwaasser** um Lallenger Bierg sou wéi Uleeë vun enger Rei vu weidere **Weieren an Dëmpelen** (z.B. am Brill – Héidengerstrachen)
- Bäitrett vu Schëffleng am **Naturpakt**
- Ëmsetzung vum Anti-Mégot-Projet, Zigarettestëmp gi gesammelt a recycléiert.



Environnement et Climat

- **Renaturation de l'Alzette** (sur tout le territoire de la commune enfin réalisée), de la « **Kiemelbach** » ainsi que de la source « **Schmëttbësch** »
- Création d'une **zone de protection de l'eau potable** au Lallengerberg, ainsi que de nombreux **étangs et mares** (Brill, forêt, près de l'autoroute...)
- Adhésion au **Pacte Nature**
- **Projet anti-mégot**: les mégots sont récoltés et recyclés.

Verkëier, Mobilitéit a Parkplazen




- **Uleeë vun neie Foussgängerweeër a Vëlospisten**, weiderer sinn am Bau. Schëlde guidéieren den Foussgänger
- Ëmsetzung vum **Séchere Schoulwee** an zousätzliche Verkëiersberouegungsmossname (**Berliner Kissen**) bei de Schoulen, **30er Zonen** an alle Gemengestroossen
- Aménagement vun engem **provisoresche Parking** an der **Drusenheimstrooss** a **Parking bei der Gare**.

Transport, mobilité et places de stationnement






- **Réalisation de chemins piétonniers et de pistes cyclables**. De nouveaux chemins piétonniers sont encore en construction. Panneaux pour piétons indiquant temps et directions
- Mise en place « **De séchere Schoulwee** ». Installation de mesures de ralentissement (**Berliner Kissen**), **extension zone 30 km/h** dans toute la commune
- **Réalisation d'un parking provisoire rue de Drusenheim** et agrandissement **parking gare**.




Via Piste Cyclable

 Hôtel de Ville	12 min.
 Gare	13 min.
 Police Grand-Ducale	13 min.

Via Cité Op Soltgen

 Campus sportif, culturel et sociétaire	5 min.
 Hall Polyvalent	10 min.
 Sentier didactique "Dumontshaff"	10 min.
 Stade Municipal Rue Denis Netgen	12 min.
 Noertzange	39 min.

Via Cité Op Hudelen

 Albert Wingert Schoul	10 min.
---	---------



Quell/Source: Atelier Beng

Wunnen

- Baitrëtt vu Schëffleng am **Pacte Logement 2.0**, an den nächsten 10 Joer wäerte bis zu 100 weider abordabel Wunnenge kreéiert ginn
- Ausféierung vu Projeten, bei deenen zousätzleche **soziale Wunraum** entsteet (z.B. **Haus a Kassen**, **Haus Entenich**)
- Ëmsetzung vun engem Pilotprojet mat **Tiny-Houses** an der rue de Drusenheim.

Logement

- Adhésion au **Pacte Logement 2.0** et création dans les 10 prochaines années d'environ 100 logements abordables
- Nombreux projets pour le **logement social** en construction (**maison « a Kassen »**, **maison Entenich**)
- Projet pilote rue de Drusenheim: **Tiny-Houses** (maisons minuscules).



Bildung, Kanner, Jugend

- De **Schoulraum** gouf erweidert (neit Gebai Albert Wingert Schoul an **international Schoul** an der rue de Noertzange). **Bestoend Gebaier gi renovéiert** z.B. **Lydie Schmit Schoul**
- Plange vun enger **4. Schoul op Hudelen**
- Verdueblung vun de Plazen an der **Maison Relais**
- **Renovatioun vun der Bestgens Millen** fir e Projet am Dëngscht vu **Kanner déi besonnesch Hëllef brauchen** (Aide à l'enfance)
- Permanent Ënnerstëtzung vun der Aarbecht vum Jugendhaus. Installatioun vun engem **Reparaturatelier fir Vëloen**.

Education, enfants, jeunesse

- **Extension de l'offre scolaire** (nouveau bâtiment école **Albert Wingert** et école **internationale** rue de Noertzange) et **renovation et extension des bâtiments existants** (école **Lydie Schmit**)
- Planification d'une **4ème école « op Hudelen »**
- **Doublement des places dans la Maison Relais**
- **Rénovation du Moulin Bestgen** pour un projet **destiné aux enfants dans le besoin** (Aide à l'Enfance)
- **Soutien renforcé** pour les activités de la Maison des Jeunes. Création d'un **atelier de réparation de vélos**.



Kultur, Tourismus, Geschichte

- Nohalteg kulturell Prägung vu Schëffleng duerch eist Engagement am Kader vum **europäesche Kulturjoer Esch2022**
- Grouss Renommée vum **Schëfflenger Konschthaus**
- Kulturell Projete mat groussem Succès: d'So vum **Marxe Weier** mat Skulpture vum Tom Flick, den Urban Piano virun der Gemeng an de Projet **Footprint** vum **Yvette Gastauer**
- Kooperatioun tëschent Tourismussyndikat ORT-Sud a Gemeng mécht de **Schëfflenger Bierg** zu engem wichtege Element vun der **Minett-UNESCO-Biosphär**
- Erhale vum **industrielle Patrimoine** duerch de **Schmelz-aarbechter Musée**, duerch Eventer am **Pompelhaus** souwéi d'Zesummenaarbecht mam Collectif **Ferroforum**
- Etudë fir eisen **architektonesche Patrimoine** ze schützen an Initiative fir eng kollektiv Erënnerung un den 2te Weltkriech aus der Siicht vu Schëffleng a senge Bierger*innen ze erhalen.

Nei Infrastrukturen

- Erweiterung vun den aktuelle **Sportinfrastrukturen a Bau vun enger neier Anlag** fir de **Pétaboules**
- Konkret Plange vun **neien Infrastrukturen fir vill Sportsveräiner** (Quartier Rit) an Zesummenaarbecht mat de Veräiner
- Erneuerung vum **Kanal an der rue des Aulnes** an Etude fir d'Erneuerung vum Kanalsystem an der **Cité E. Maye-risch**
- Erneuerung vu sämtlechen Infrastrukturen an der Industriezon „**um Monkeler**“ huet ugefaangen
- Erneuerung vun der **Montée du Cimetière**.

Soziales, Integratioun, Chancëgläichheet, Senioren, Sécherheet

- Vill Ënnerstëtzung während der **Covid-19 Pandemie** fir vulnerabel **Bierger*innen a fir d'Veräiner**
- Moderne **Centre Médical** am **Haus a Kassen** ass am Bau
- **Integratioun**, niewent dem traditionelle **Schëfflenger Fest** (Nationalfeierdag) duerch d'Verankerung vum **Kulturfest** an de Bäitritt zum „**Pakt vum Zesummeliewen**“
- **Ervirhiewe vun der Chancëgläichheet** tëschent **Mann a Fra** duerch Expoen a Virträg an Ëmbenenne vun **enger Rei Stroossen a Plazen**
- **Chancëgläichheet fir Leit mat spezifesch Besoinen** a fir **Senioren** duerch **Barrièrefräiheet** nom Prinzip vum „**Design 4 All**“ an ëffentleche Gebaier an am ëffentleche Raum
- Astelle vu **weideren Agent-municipallen**, déi zur allgemenger Sécherheet bäidroen
- Bau vun engem **neie Polizeikommissariat** an der rue de Drusenheim ass geplangt
- Ophuele vu Flüchtlingen aus der **Ukraine** an engem **Haus an der Kierchstrooss** an duerch d'Opriichte vun **Tiny-Houses** a Beschoulung vu villen ukrainesche Flüchtlingkanner an der **internationaler Schoul op Fléierchen**.

Nouvelles infrastructures

- **Nouvelles infrastructures sportives** (p. ex. Pétaboules)
- **Nouvelles infrastructures prévues et conçues en collaboration avec les associations** dans le nouveau quartier «**am Rit**»
- Renouvellement de la **canalisation rue des Aulnes**, études en cours pour la canalisation de la **cité E. Maye-risch**
- Renouvellement de toutes les infrastructures dans la zone industrielle «**um Monkeler**» a débuté
- Renouvellement de la **Montée du Cimetière**.

Engagement social, intégration, égalité des chances, seniors, sécurité

- **Soutien aux personnes dans le besoin** (achat, services,...) et **soutien aux associations** (plus de subsides) **durant les 2 années de Covid**
- Création d'un **centre médical** moderne dans la maison «**a Kassen**»
- En plus du traditionnel «**Schëfflengerfest**», notre **fête des cultures** a sa place dans le calendrier des manifestations de Schiffflange. Adhésion au **Pacte du Vivre ensemble**
- Développement de **l'égalité des Chances Hommes-Femmes** (expositions, noms de rues de personnalités féminines)
- Adaptation des infrastructures aux personnes avec des besoins spécifiques ainsi qu'à nos seniors selon le principe «**Design 4 All**» dans les bâtiments communaux et dans l'espace public
- Sécurité: engagement de **nouveaux agents municipaux**
- Construction d'un **nouveau commissariat de police** prévue rue de Drusenheim
- Aide à l'Ukraine: mise à disposition d'une maison dans la rue de l'Église, construction de petites maisons pour les familles et d'une **école internationale «Op Fléierchen»**.

Culture, tourisme et histoire

- Impact durable sur la vie culturelle de Schifflange grâce à notre engagement à Esch2022
- Grande renommée de notre « **Schëfflenger Kenschthaus** »
- Projets culturels à succès: le conte de « **Marxe Weier** » avec les sculptures de Tom Flick, le piano urbain devant la commune et le projet **Footprint d'Yvette Gastauer**
- Notre « **Schëfflengerbiërg** » fait maintenant partie de la **Mi-nett-UNESCO-Biosphère**
- Protection du **patrimoine industriel de Schifflange** par le soutien au nouveau **Musée de la Sidérurgie** avec des événements au « **Pompehaus** » et au collectif **Ferroforum**
- Etude pour la protection du **patrimoine architectural** de Schifflange et soutien au projet « **Stolpersteng** », exposition sur l'occupation nazie et notre souvenir collectif de la 2ème guerre mondiale.



Wirtschaftlech Entwécklung

- Méi Betriber an och méi Recetten duerch d'Entwéckle vun der **Aktivitéitszon „op Herbett“** an dem Baitrëtt vun der Gemeng an de Syndikat ZARE
- Schafe vun **neien Aarbechtsplaze** virun allem fir Leit aus dem Handwerk
- Neie **Geschäftsraum am Zentrum** entweder duerch Gemengeprojeten (z.B. Haus a Kassen) oder duerch privat Projeten. Am Zentrum muss bei all Bauprojet de Rez-de-chaussée als Geschäftsfläch amenagéiert ginn.

Développement économique

- Plus d'entreprises, donc plus de recettes avec le développement de la **zone d'activité « op Herbett »** et adhésion au syndicat ZARE
- **Création de nouveaux emplois**, en particulier pour les artisans
- Nouveaux **locaux commerciaux au centre-ville** soit grâce aux projets communaux (maison « a Kassen »), soit privés. Chaque nouveau bâtiment au centre-ville doit aménager une surface commerciale au rez-de-chaussée.

Partnerschaften a grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht

- Neien Elan fir den Austausch mat eiser **Jumelagepartnergemeng Drusenheim**
- Partnerschaft mat der **Kaffiskooperativ vu Marcala** (am Honduras). Dëse Fairtrade-Kaffi gëtt am Accueil vun der Gemeng verkaf
- **Signifikativ Verbesserung vun der Waasserqualität vun der Uelzecht** duerch d'Zesummeschaffe vun alle Bedeelegten an der **d'Flosspartnerschaft** (Contrat de rivière de l'Alzette)
- Ëmsetzung vu grenziwwerschreidende Projeten duerch **d'Partnerschaft am GECT** (Groupements européens de coopération territoriale) z.B. Notzung vum **Kloterpark zu Audun-le-Tiche** duerch d'Jugendhaus a **grenziwwerschreidend Vëlospiste**.

Partenariat et collaboration transfrontalière

- Nouvel élan d'échanges avec notre commune de **Jumelage Drusenheim**
- **Partenariat avec Marcala** (Honduras) avec la **vente de leur café** à la réception de la commune
- **Amélioration significative de la qualité des eaux de l'Alzette** grâce au travail de tous les partenaires (**Contrat de rivière de l'Alzette**)
- **GECT** (Groupement européens de coopération territoriale): réalisation de **projets transfrontaliers** (mise à disposition du **mur d'escalade d'Audun** à la maison des jeunes de Schifflange, **piste cyclable transfrontalière**).



Finanzen

All dat wat bis elo hei opgezielt gouf, huet natierlech vill Geld kascht. Fir all dat ze realiséieren hunn och missten Emprunten opgeholl ginn. Ganz vill **Projete si vun der Gemeng ganz oder deelweis virfinanzéiert** ginn.

Allgemeng kann ee soen, datt **d'Finanzlag vun eiser Gemeng gutt ass. D'Verschëldung huet lo ongeféier de selwechten Niveau wéi virun 10 Joer, allerdéngs waren deemools déi normal Recettë vun der Gemeng vill méi kleng.**

Et bleift deemno och **fir zukünfteg Projeten nach genuch finanzielle Spillraum**, virun allem och wann ee consideréiert, datt mir vum Staat déi Finanzmëttel erëm kréien, déi mir aktuell virstrecken.

Finances

Tous les projets cités ci-dessus ont nécessité beaucoup d'argent. **Des emprunts ont dû être contractés pour les pré-financer entièrement ou partiellement.**

En conclusion, nous pouvons confirmer que **la situation financière de notre commune est bonne. L'endettement équivaut au niveau d'il y a 10 ans, mais les recettes ont heureusement augmenté et l'État remboursera une grande partie des dettes contractées aujourd'hui.**

Il nous reste de ce fait une bonne marge de manœuvre financière pour réaliser les grands projets d'avenir.



**Eis 3 Spëtzekandidaten
Albert Kalmes,
Christiane Biewer,
Camille Schuetz.**

**Déi gréng Schëffleng,
Mir schafen Zukunft**

**Déi Gréng Schiffflange,
nous construisons l'avenir.**

déi
gréng

Contact:

déi gréng Schëffleng
3, chemin vert
L-3878 Schiffflange
Tel : +352 621 209 826
schiffflange@greng.lu
scheffleng.greng.lu



English
version

Versão
em português